**C**ercle de **T**ir de la **P**olice Grand-Ducale A.s.b.l.

Fondé le 30 mars 2001 - anc. Cercle de Tir de la Gendarmerie Grand-Ducale, fondé le 01.09.1971, affilié à la FLTAS

# I N F O

**Betrëfft :** europäesch **Datenschutzveruerdnung** vum 25. Mee 2018

**Wéi eng Donnée'n gin vum CTP verschafft?**

Den CTP freet all Member iwert ee Formular fir d'Memberschaft ze kréien, fir divers generell Angaben zur Persoun, Adresse an de Bezuch zur Police. Souwéi verschidden Kontosangaben un ze gin, fir dat administrative Arbëschten können gemaach gin, an ë.a. d'Kotisatiounen können agezunn gin.

**Fir waat gin d'Donnée'n benotzt**

D'Donnée'n, déi d'Memberen matdeelen, sin néideg, fir z.B. jidderengem all Joërs eng Memberskaart ze erstellen, d'Kotisatioun via SEPA an ze zéihen an d'Memberen iwert divers Activitéiten ze informéieren. Weiderhin gin verschidden Donnée'n betreffend d'Persounen mat der FLTAS (Schéiss-sport-Fédératioun) gedeelt, fir Lizenzen fir d'Competitiounen un ze froen.

**Wien huet Zougang zu den Donnée'n?**

Dës Donnée'n sin am CTP just fir designéiert Leit zougänglëch, wéi z.B. de Sekretär an de Caissier, souwéi de Präsident an de Vize-präsident.

**Wéi laang gin d'Donnée'n conservéiert ?**

D'Donnée'n vun de Memberen vum CTP gin conservéiert, sou laang wéi d'Memberen hier Memberschaft oprecht erhaalen wëllen. Soubal d'Memberschaft vun der enger oder anerer Säit gekënnëgt oder be'end't gët, gin d'Donnée'n geläscht.

**Wéi eng Rechter hun ons Memberen betreffend hier Donnée'n ?**

All Member kann am Fall, wou hien seng Memberschaft be'end't, ufroen, fir dat seng Donnée'n geläscht gin, an dovunner eng Confirmatioun froen.

**Wéi kënnt dir ons erreechen am Fall vun Froen?**

Den CTP kann zu all Moment iwert d'Mailbox cpt@police.etat.lu kontaktéiert gin, am Fall vun Froen. Zousätzlëch an nëtzlëch Informatiounen kann een um **Internet-site** vum der Police fannen.